Dënschdeg, 14. Mäerz ëm 19:30 Auer zu Leideleng

En Owend mam **Alain Atten**

Foto: ZLS / Sophie Margue

Viru Kuerzem gouf de „Sproochmates“ mam Nationale Präis fir d’Verdéngschter ëm d’Lëtzebuerger Sprooch geéiert. Op dëser *Werkschau*-Soirée gëtt e Bléck op dat linguistescht a literarescht Schafe vum Alain Atten geheit.

Musikaleschen Encadrement:
Nadine Diedenhofen – Saxofon
Claude Kauffmann – Trombonn
Emmanuelle Seiwerath – Cello

En Dënschdeg, de 14. Mäerz ëm 19:30 Auer
am Centre culturel et sociétaire „An der Eech“ zu Leideleng.
Den Entrée ass fräi.

Organiséiert vun der ASBL *Cercle Culturel & Historique de Leudelange*
an Zesummenaarbecht mam *Zenter fir d’Lëtzebuerger Sprooch*

Vun der *Jonggesellekëscht* bis bei de *Jakobswee*, vum d'Jeanne d'Arc bis bei de Sproochmates, vum *Max a Miz* bis bei *d'Hobitz*: Den Alain Atten ass ewell villen Theemen a Personnagen op de Fong gaangen.

Foto: ZLS / Sophie Margue

Gebuer 1938 zu Esch-am-Lach ass säi Wëssens- a säi Schafensdrang nach ëmmer net ze stëllen. Seng Affinitéit zur Sprooch, säi Wëssen iwwer déi lokal Bräich a säi Faibel fir historesch Sujeten hunn zu engem gradesou ëmfangräiche wéi villfältege Wierk gefouert: Radiosbäiträg iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch a Reportagen iwwer Land a Leit, déi net ze ziele sinn, e sëllegen Theaterstécker, de Lyrikband *Néierewou*, Prosawierker … souguer dem Wilhelm Busch senge Spëtzbouwe *Max a Miz* huet den Alain Atten Lëtzebuergesch bäibruecht.

15 Joer laang huet den Historiker a Germanist um *Luxemburger Wörterbuch* matgeschafft, wéi keen zweete kennt e sech mat den Dialekter am Land aus an e schafft grad un engem eegene *Sproochatlas*. Den Alain Atten schreift och Novellen a Lëtzebuerger Mondaarten.

Op dëser *Werkschau*-Soirée stellt de Luc Marteling, Direkter vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS), den emsegen Auteur, Chercheur, Dialektolog an Dokumentalist, deen Enn Februar mam *Nationale Präis fir d'Verdéngschter ëm d'Lëtzebuerger Sprooch* ausgezeechent gouf, vir.

Natierlech liest de Sproochmates och selwer aus sengem Wierk, ënnert anerem aus senger leschter Novell *D'Hobitz*, an et ginn och e puer Video-Extraite gewisen.

No der Soirée gëtt en Éierewäin offréiert.

Organiséiert vum
Cercle Culturel & Historique de Leudelange A.S.B.L.

an Zesummenaarbecht mam
Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch

ZLS
Zenter fir d'Letzebuerger Sprooch